

MANIFEST

Frae*streik an Luxembourg

“Du kanns esou feministesch sinn wéi s de wëlls.

Wann däi Kand krank ass, da bleifs trotzdem du doheem!”

D’Julie huet 29 Joer an ass Employée op enger Gemeng. Hatt huet säin Dramberuff an engem Konschtatelier misen opgin, fir datt et méi reegelméisseg Horairen huet an esou méi Zäit mat sengem Meedche verbréngen kann.

Säi Partner, den Théo, de Papp vum Nina, dat 2 Joer al ass, schafft als onofhängegen Architekt op engem Architektbüro. Et ass net esou, datt den Théo sech net gär ëm seng Duechter këmmere géif. Mee hie weess, datt säi Chef et net gär gesäit, wann hie sech Congé hält, fir sech ëm säi Kand ze këmmere an hie kann et och net riskéieren, sech verschidde Kontrakter entgoen ze loos-sen. Och wann hien an der Moyenne méi wéi d’Julie verdéngt, hien huet net déiselwecht Sécherheet an och net déiselwecht Viraussetzungen, fir Congé ze huelen.

D’Julie weess, datt hat do en Opfer huet misse bréngen, wou den Théo d’Noutwendegkeet net gesinn huet.

Et ass eng Ongerechtegkeet, déi vill Frae kennen: op d’Roll vun der Mamm, Assistentin oder Stäip reduzéiert ze ginn. Et gétt dorop bestanen, datt ee sech ëm d’Organisatioun, d’Fleeg an d’Betreiung këmmert an domat seng eegen Interessen, Aufgaben a Wënsch vernoléis-segt. Wéi kann een dovu wechkommen? Wat kann ee maachen, fir sécher ze sinn, datt jiddereen, onofhängeg vum Geschlecht, déiselwecht Verantwortung dréit fir d’Aarbechten am Stot, de Léifste bäizestoen an d’Erzëiung vun de Kanner. Wat kann ee maachen, fir sécher ze sinn, datt déi onbezuelten Aarbecht der bezuelten net am Wee steet? Wéi kann een eng gläichberechtigt Aufgabeverdeelerung tëschen Fraen a Männer errechen?

Mir müssen evitéieren, datt den Altruismus an d’Empathie, déi allebéid wäertvoll Eegeschafte sinn, de Fraen net zur Laascht faalen.

Ob s de Julie, Karima, Sandy, Djalika, Lou oder Renata heesch. Ob s de jonk oder al bass, vun hei oder vun anzwousch anescht, mat oder ouni Kanner, Jonggesellin, mat engem Partner, gepacst, bestuet oder gescheet, gesond, krank oder mat enger Behënnerung, jiddereen kennt datselwecht Lidd, dat der virschreift, wéi eng Fra ze sinn huet a wat eng Fra ze maachen huet. Wat dech dorun erënnert, wann s de net dem ideale Fraebild entsprécht, wat der erzielt, datt deng Aarbecht net esou vill wäert ass wéi déi vu Männer oder datt d’Hausaarbecht an Erzëiungsaarbecht, déi s de all Dag méchs, keng richtig Aarbecht ass.

Et ass héich Zäit, dass déi Aufgaben déi eis Gesellschaft um Funktionéieren halen als real a produktiv Aarbechten dee Respekt verdéngen an unerkannt ginn, a gerecht tëschent de Fraen a Männer opgedeelt ginn.

Vill ze laang schon ass dës Aarbecht onsiichtbar bliwwen an diskreditéiert ginn. Et ass dovunner ausgegangen gin, dass se sech vum selwen mécht oder wéi wa se manner wichteg wier, wéi Aufgaben an Aktivitéiten, déi traditionell vu Männer gemaach ginn.

D’Situatioun zu Lëtzebuerg gesäit esou aus: 34% vun de Fraen schaffen Deelzäit, am Verglach dozou sinn et bei de Männer nëmmen 6%. Vun deene Frae ginn 58% un, dass se dat aus familiäre Grënn maachen. “Dës Situatioun huet Auswirkungen op d’Pensiounen am Alter. Vun de Fraen, déi eng Pensioun kréien, sinn der 44% déi, déi mat enger Minimalpensioun mussen auskommen (2015 waren dat 1726,135€). Géigeniwwer vu 4,5% Männer.”

Schléiss dech dem Frae*streik un, fir dës onerdrobar Leier endlech ze ënnerbriechen! All déi, deenen hir Aarbechtsbedéngungen, prekär Situatioun oder aner Ongerechtegkeete se drun hënneren um Streik deelzehuelen, weist är Roserei an de Wonsch eppes ze veränneren, duerch kreativ Aktiounen!

Fir méi Zäit, méi Suen a Respekt!



Abonnéier éisen
Newsletter!

fraestreik.lu

f JIF Luxembourg
@jif_luxembourg